

KAD-GEMENG USELDENG. Generalversammlung vum 24.3.22

Aktivitéitsbericht 2021

Gudden Owend, léif Gäscht,

Pater Flammang

Här Burgermeeschter, Membere vum Gemengerot

Léif Memberen a Frënn all zesummen,

Dëst Joer ass eng gewéinlech aussergewöhnlech Generalversammlung.

Ech erkläre mech:

Als President machen ech normalerweis d'Versammlung op ginn dann d'Wuert un de Sekretär an da fënnt dat ganz säi statutareschen Oflaf, Mat Äerer Erlabnis wëll ech awer dëst Joer d'Aféierung ewechlossen a selwer, op Wonsch vum Sekretär, den Aktivitéitsbericht machen, wëll mir an eiser Arbecht dëst Joer hu mussen déifgréifend Entscheedunge virbereeden, déi ech hei während dem Bericht méi genau wëll erklären. Duerfir haut een Aktivitéitsbericht mat eppes vun allem, deen nit nëmmen Datumen opzielt, ma dee ganz bewusst eis KAD positionnéiert, an eiser eegener Arbecht, an eiser noutwendeger Zesummen- a Matarbecht an der Par an doriwwer eraus, fir dat jidderee versteet wat, firwat a wéi mir hei schaffen. Dir krutt all d'Newsletter, dësen Text gëllt als Aféierung vun haut den Owend. Esou, elo hei den Aktivitéitsbericht:

Januar:

Léif Memberen a Gäscht, D'läscht Joer 2021 war ee besonnescht Joer, geprägt op en neits vu CORONA mat alle bekannte Restriktionen a Verzichter. Awer trotzdem ass eist Veräinsliewe säi Wee gangen, an der Kierch normalerweis nom Rhythmus vum Liturgiekalenner vum Joer oder den Dezisionen vun der Kathoulescher Kiercheninstitution an doriwwer eraus no den Ufuerderungen déi Zivilgesellschaft heiansdo un d'Veräinsliewen stellt.

Fir Chrëschttag 2020 hate mir zënter langem erëm déi eelst Useldenger Krëppchen opgeriicht. Verschidde Statuen droen den Datum vun 1907. Si gouwe restauréiert vun der Madame Claudine Mailliet, a bezuelt mat de Suen vun DONen déi mir iwver d'Publikatioun am Ripevusch vun Memberen an Net-Membere kritt haten. Enn Januar gouf dës Krëppchen ofgeriicht an esou verstaut, wéi et eben méiglech war, vu dass eis Räumlechkeete feelen, wou de ganzen Kierchen-Inventar, iwver dee mer nach ze schwätze kommen, kënt fachgerecht versuergt ginn. Dorop kommen ech nach zrëck.

An dësem Kontext soen ech och alle Bénévole Merci, déi all Joers ronderëm eis Koschteren eng Hand an eise Kierche mat upacken, wann et drëm geet,

besonnesch Feiere virzubereeden. Hinne wäerte mir dëst Joer Merci soen mat engem klengen Maufel, Mëttwochs de 27. Abrëll 2022 an der Buvette vun eiser Gemeng.

Den 28. Januar 2021 war zu Useldeng an der Kierch eng KAD-Conseilsversammlung zesumme mam Pater Flammang, wou mir him eis Struktur an eis Memberen virgestallt hunn.

Februar:

Als Delegéiert vun eiser Communautéit, esouwuel am Kierchefong-PAR ATERTDALL wéi och am Pastoralrot, si mir an der gläichtzäiteger Verantwortung vun eiser asbl Kierch am Duerf regelmäseg gefuerdert, eis Meenung ze soen, Et sinn dat d'Jeanny Frank-Schroeder fir den CGP an ech selwer fir de Pastoralrot. Duerfir huele mir wa néideg Récksproch mat eise KAD-Conseilskollegen, fir eis Positioun ze définéieren. Dës verschidden Aktivitéiten um Niveau vun der Par brauchen nämlech Transparenz bis an déi läscht Reih vun de Kierchebänken. Si si ganz verschidder Natur, virun allem zielen hei d'Massenorganisatioun, Bilan a Budget vun de Kierchefinzen, awer och de Katechesche Beräich, Kannerbegleedung, Krankebegleedung, Trauerbegleedung, Diakonie, awer och Fratelli tutti, Reech eng Hand, ACFL an Zelebratiounen vun anere Bewegungen, déi méi oder manner regelmäseg an de Kierche-Räumlechkeeten vun der Par, och an eiser Gemeng, stattfannen. All dëst bréngt virun allem DIALOG mat sech, fir déi Dossierer virzubereeden, déi dann um Dësch vun CGP a Pastoralrot landen. Eis KAD-asbl Struktur bidd äis heiheem eng Sécherheet an eng Vernetzung, déi vill wäert ass. Dës Matarbecht um Parniveau huet awer och als Konsequenz, dass sech d'Joer duerch regelmäseg bénévol Leit ëm eis Kiercheräim këmmere mussen, se op- an zouspären, no allem kucken, Klacke lauden, d'Heizung astellen, Luuchten umachen, Still réckelen asw. Hinnen all eisen décke Merci.

Am Februar waren . z.B. 7 kierchlech Aktivitéiten an eiser Gemeng, wat och, ech hunn dat nogekuckt, d'Moyene vum Joer ass.niewt Begriewsn"ss an Daffeieren. Nach eng flott Feier am Februar wël ech awer erfirhiewen, dës Kéier zu Réiden. Eisen Organist, de Carlo Philippe vun Iewerleng gouf de 14. Februar 2021 offiziell als Titularkatechet vun der Par a seng verdengte Pensioun entloss, an Joke De Kroon gouf agefouert. Mir soen dem Carlo heimatt eisersäits Merci fir säi langjährigen Déngscht an der Kanner-Katechees.

Mäerz:

Den 12. Mäerz 2021 war zu Useldeng an der Kierch den éischte Rendez-vous vum nei gegrënntene Par-Grupp FRATELLI TUTTI. Och eng Reih Kommionsvirbereedungsversammlungen gouwen zu Schandel an och zu Useldeng ofgehaal.

D'Sonndesmassen a regelmäseg Gebietsnomëtter an aner litugesch Fester zielen ech elo net méi op wëll si nit direkt eppes mam Asatz vun eiser Organisatioun ze dinn hunn.

DEN 11. Abrëll:

war d'Kommion zu Useldeng . D'Virbereedung heivunn fir d'Kanner aus eiser Gemeng an doriwwer eraus fuerdert all Joer besonnesch bei äis d'Léa, d'Marianne, d'Margit, d'Monique, d'Anny, an d'Chorale nnert der Leedung vum Fernand Even. Gleeft mer, ouni den Zesammenhalt vun eisen Haptkiercheveräiner Chorale a Kierch am Duerf, wier heiheem viles méi schwéier, a misst integral vun der Par bewerkstelligt ginn, dat nëmme fir ze beliichten, wéi vill méi einfach an diskret alles ofleeft, wa jiddereen an eisen Dierfer weess, wou seng Plaz ass, a wou hie kann em Hëllef froen, a wann dat alles mat Kollegialitéit a Freed geschidd.

Mee:

Den 10.Mee war zu lewerleng an der Kierch 2.Rendez-vous vum Diskussionsforum FRATELLI TUTTI vun der Par Atertdall. Dëse vläicht net esou breed bekannte Grupp gouf gegrënnt am Opbau vun den Aussoen vun der Enzyklika FRATELLI TUTTI vum Popscht Franziskus. Am Moment si mir zu 3 aus eiser Gemeng regelmäseg dodra vertraueden sinn: Schaaf Raoul, Philippe Carlo an ech selwer. Mir diskutieren ënner der Leedung vum Pater Flammang iwwer eis Missioun vu Geschwësterlechkeet „als Korrektur vun der Gläichheet an als Nächsteléift um Plateau vun der globaler Welt (dixit Popscht)“. Mir versiche Weeër ze fannen, a mir invitéieren jiddereen, mat op de Wee ze gouen, fir dës Geschwësterlechkeet dobausse sichtbar ze machen op alle méigleche Plazen, virun allem am Zesummewierken mat der Zivilgesellschaft an hire verantworten Akteuren am Sozialberäich an doriwwer eraus. D'Enzyklika Fratelli Tutti vum Popscht ass ee ganz wertvollt Dokument, wat grad an dëser Zäit, wou d'Regelen an Europa an och d'Regele vun der Kathoulescher Kirch iwwer d'Synod mussen nei definéiert ginn, jidderengem eng gudd Lektüre wier fir besser ze verstouen , wourëm et eigentlech geet an der Zukunft vun dësem Kontinent an a sengem Zesammenhalt tëschend Regiounen a Religiounen,

Staaten a Länner, déi vum Klimawandel, Armut , Krich an Honger ëmmer méi stark gerëselt ginn. Dee ganz schmuele Pad, dee mir ugefangen hunn, ze gouen, huet nach vill Plaz fir engagéiert Matbierger, och aus eiser Gemeng, déi sech wëllen nei a méi déif engagéieren, wann et ëm d'Verständnis, de Respekt an d'Begleedung vu benodeelegten Matmënschen geet. Avis aux amateurs. Dësen interessante Gespräichs-Austausch vum Grupp Fratelli Tutti fënnt all puer Méint an der Kierch zu lewerleng statt an doriwwer sinn ech ganz frou.

Den 21. Mee war eis KAD-Generalversammlung zu Useldeng an der Kierch. Uschlëssend huet den Häerz Jesu Pater Théo KLEIN eis geschwat zum Thema:“ Wou steet d’Kierch haut a wat erwarde mir.“ Eis gemeinsam Synodeversammlungen vum lafende Joer wäerten äis an dëser Thematik méi genaues erzielen.

De 27. Mee war zu lewerleng an der Kierch een Täizégebiet. Dëst ass eng net esou bekannte Parinitiative mat vill Gesank, Gebiet a Geleeënheet zum Nodenken. Och dës Initiative weist, dass Kierchegänger sinn, nit nëmmen heescht, sonndes an d’Mass gouen an d’Priedegt lauschteren. Si weist: d’Villfalt vum Lauschteren op Gott, vereent sinn mat Matmënschen, hir Suergen am Gebiet an an der Stëllt vum Raum deelen, Evangelium deelen an der Sprooch vun haut, Psalmegebiet a Rousekranzgebiet deelen, esou wéi et schons zënter Joerzengten zu lewerleng Daschtes nomëttes geschitt. Léif Frënn, all dës Elementer ginn an eisen Duerfkierchen heiheem gebueden, a gi leider kaum zur Kenntnis geholl, wat eigentlech schued ass. Deene Jonken sinn all dës Forme vu Gebiet éischer friem. Si mussen ageluete ginn, nei Glawens-Weeër ze erschlëssen, fir mat Gott a Verbindung ze trieden. A sengem wierklech ganz bemierkenswerte Buch „Was auf dem Spiel steht“ Die Zukunft des Christentums in einer säkularen Welt“ schräiwt eise Kardinal Jean-Claude Hollerich zm Ufank vum Joer 2022 ganz Wichtiges dodriwwer. Ech géif lech am léifste soen, Kommt mir machen eng Sammelbestellung an da liest Dir all dat Buch. Dat kann äis wirklech an eise Gedanken ëm d’Zukunft, zemol an deenen ëm d’ Synod ee ganz Stéck weiderbréngen.

Juni:

Een Héichpunkt vum läschte Joer war secher d’Ausstellung vun de Monstranzen an der Useldenger Kierch de Weekend vum 5. A 6.Juni

agebonnen an d'Konferenz vum Pater Jean-Jacques Flammang zum Thema:
„Wat bedeit d'Monstranz an der Traditioun vun der Chrëschtenheet“.

Mir soen him nach eng Kéier Merci, och fir déi wertvoll Monstranzen aus anere Kierchen, déi hie matbruecht hat, fir äis dës handwierklech Kostbarkeeten ze weisen. Dës Aktivitéit war org.bei Geleeënheet vum Dag vun den Oppene Kierchen vun der Erwuessebildung. Dëst Joer mache mir hei nit offiziell mat, wëll et op Päischtdag fällt. Mir sinn d'ganzt Joer a Kontakt mat der Erwuessebildung, a si wiere wierklech frou wann de Projet OPPE KIERCHEN, och bei äis heiheem eng weider Vernetzung géif fannen, nom Beispill vun der Gemeng Wal. Ech selwer war den 12. November 2021 zu Clierf bei engem Begéinungsdag derbäi a kann nëmme soen, dass d'Vernetzung tëschend de Kierchefrënn op dësem Niveau ganz vill bréngt, hapsächlech am Kontakt mat de Gemengen an dem Respekt vun der kultureller Wertschätzung vun de Kierchegebäier als Patrimoine culturel vu Lëtzebuerg. Heifir misste mir vläicht demnächst mat eiser asbl ee gréisseren Effort machen. Den 18. Juni 2021 war eng nächst Fratelli tutti-Versammlung zu Iewerleng Am Beräich FRATELLI TUTTI siedelt sech och d'Aufgabegebitt vum Diözesanservice „Reech eng Hnd“ un. Vun eiser Useldenger Gemeinschaft hier ënnerstëtze mir dësen Service schons zënter Joeren. REECH ENG HAND ass landesweit am Flüchtlingsberäich tätig, eegestänneg, awer och an direkter Zesummenarbecht mat der Caritas. Hie gët geleet vun der Madame Marie Christine Ries, mat där ech mech regelmässeg treffen, fir iwwer Réfugiés-Dossieren aus eiser Géigend ze schwätzen aus eiser Géigend, betreffend virun allem d' Réfugiés-Fraen, aus dem Foyer vun der Croix Rouge zu Réiden, awer och aner Familgen an eenzel Persounen, déi an eiser Mëtt liewen an déi ënnert dem Schutz vun der Protection internationale stinn, esou lang bis si hir Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. D'läscht Joer hat Dir hei den TAREK vu Réide kennegeléiert. Der syrescher Famill geet et net gudd, wëll d'Mamm, Ufanks 40 déi bal blann ass, duerch ee Granatenaschlag, sech kaum kann eleng dobausse bewegen, an dodurch sozial terribel isoléiert ass. Eng aner syresch Frau, sicht nach ëmmer verzweifelt no engem bezuelbaren Appartement, fir dass si hir 3 Kanner an hire Mann kann nokomme lossen.

Mat der diskreter Ennerstëtzung vun ville vun eise Memberen konnte mir trotzdem schons dacks hëllef, wann Nout opkomm ass, irgendwou, irgendwéi, a wou ech dat gewuer gi sinn an ëm direkt Hëllef gefrot gouf. Ech erënneren un d'Aktioun Molstëfter and Handdicher am Wanter 2021, déi ee vollen Erfolleg war. Entretemps funktionnéiert ee Whatsappgrupp „Reech eng

Hand“, wou mir landeswäit connectéiert sinn, a wou ech mech bereet erklärt hunn, prëtt ze sinn, hoffentlech mat der Hëllef vun der KAD, wann et da brennt, wann an eisem Kanton, durch eventuell zoukënfteg Flüchtlingswellen wéinst dem Ukrainekrich, géifen Hänn, Häerz a Féiss gebraucht ginn, fir unzepacken. Ech hunn an der Verriedung vun äis all, bei Geleeënheet vun der Friddensfeier zu Rippweiler eisem Burgermeeschter eis mëndlech Offerte och an dësem Sënn gemach. Am Moment gëtt fir eng ukrainesch Famill, déi am Mariendall opgeholl gouf, eng ganz Reih Miwwele gesicht, fir een Appartement anzeriichten, eng Mamm vun dräi Kanner, dovun ee Puppelche vun e puer Méint, an ee Papp, een orthodoxesche Geeschtlechen, deen am Moment nach an Italie festsëtzt. . Tel 621 784 880.

Juli : den 22.Juli war eng Conseils-Versammlung, zu Rippweiler doheem bei der Famill Metz-Harpes wou mir déi méi schwierig Dossieren fir den Hierscht virbereed hunn. Fir all gudd Fläsch déi mir regelméisseg bei eise Sitzungen do offréiert kréien, hei ee kleng Merci fir d'ganz Famill.

Am August ass och traditionnellt Wëschbannen ugesot bei der Mme Marie-Claire Rasqué. Org. vun der Kranken- an Alterspastoral vun der Par.Och do mache mer mat.

Een Deel vun de Wësch sinn zu Rippweiler geseent ginn, bei der Grottefeier de 15. August, organiséiert vun den Oeuvres paroissiales vu Rippweiler, a goufe verkaft mam Bénéfice fir « Een Häerz fir kriibskrank Kanner“

September: De September war roueg, ausser dass op PARNIVEAU vum Pastoralrot déi éischt Semaine Ste Claire Atertdall virbereet gouf, déi villen Coakteuren op deene verschiddenste Plazen sollt alles ofverlangen, wat un Energie a Glawe méiglech war, zemol wëll eise gudd Pater Flammang duerch een onglécklechen Zwëschefall doheem zu Clairefontaine sech uerdentlech um Geneck blesséiert hat an äis all domatt e ghéierege Schreck agejot hat. Elo geet et him endlech besser, an duerfir si mir all haut den Owend frou dass hien hei bäi äis komm ass, wëll dësem Geeschtlechen seng Gentillesse, säi Wëssen a seng respektvoll oppe Begéignung mat alle Mënschen, Kanner, Jonk an AL meeht hiën zum Virbild fir äis all.(CADEAU)

Den 29. September war eng Conseils-Sëtzung vun der KAD.

Oktober:

Den 3. Oktober 2021, hunn ech perséinlech, an ech denken och aner Chrëschten an eiser Mëtt mat grousser Dankbarkeet erliewt. Et war eng schéi

Feier, d'Statue vum Hl. Franziskus op eisen frësch gebotzenen Héichaltor op Useldeng ze erhiewen. Dës Holz-Statue ass ee Kado vun der Par Réiden, kënnt ursprénglech aus dem Réidener Franziskanerklooster a soll äis elo heiheem als Wiechter a Beschützer zur Säit stouen, am Stuerm vun der Weltuerdnung déi wackelt, déi äis awer vu Gott esou wonnerbar geschafe gi war, am Stuerm vum Klimawandel, dee mer nit wëllen unhuelen, an am Stuerm vun der Armut, der Nout an dem FRIEMEN, deen dacks iwver d'Mier bei äis Hëllef siche kënnt a virun deem mir am léifsten Aen a Oueren verschléissen. Hëllege Franziskus, bied du fir äis, wëll mir si wahrscheinlech all ze schwach derzou. Am Joer 2021 ass awer och, mat de Sue vun engem KAD-DON beim Begriwnëss vun der Mme Barthelemy vun lewerleng D'Sebastiansbild um schwarze Säitenaltor restauréiert ginn.

Léif Memberen, am Oktober 2021 huet awer och gläichzäitig déi schwéierst Phas vun eisem Veräinsliewen biswëll ugefangen, nämlech definitiv driwwer ze beroden an ze decidéieren, wéi d'Zukunft vun eisen zwou klengen Kierchen Rippweiler a Schandel ze gestalten wier. Et war fir mäi Gefill, an ech soen et hei riicht eraus, déi schmäärzlechste Aufgab, un där ech als Chrëscht je deelgeholl hunn, d.h. eventuell matzedecidéieren, op dës zwou Kierchen, déi a batteren Zäiten opgeriicht gi waren, géiwen zougemeet ginn, sie, déi wäit iwver honnerte Joeren, d'Leed, d'Freed an d'Verfehlen vun de Mënschen opgesaugt hunn ënnert dem Kräiz vu Jesus Christus, an ëmmer erëm hir Dieren opgemeet hunn, fir dass soll Fridden an Zesammenhalt, Glawe, Verzeien a Kraft ënnert de Matbierger weider bestouen, egal wéi déck et koum dobaussen, an der Roserei vun de Liewenzäiten, vu Krankheet, Ongléck, Krich an Hongersnout, an och dem Fehlverhalten vu munch Geeschtlechem, an nach viles méi.

Sollten zwou vun eise Kierchen an Zukunft nach kënne Kierch am Duerf genannt ginn oder vun elo unn, nie méi. Et huet mer d'Loft geholl, wëll ech net wosst, op dat, wat mer géife machen, verwerflech wier, fir de Numm dee mer droen, an dat wat iwver äis Zäit geschriwwen wäert ginn an der Geschicht ëm d'Kiercheräim an eiser Gemeng, nit erdréckend wier.

Den 11. Oktober 2021 war eng Réunioun vun eisem Conseil d'Administration mam Här Michel Lallemand, President vun den CGP-Kierchefong aus eiser Par an domat responsabel fir d'Finanzen vun alle Kierchen, déi vum Bistum geleet ginn.. An dëser Conseils-Versammlung ass deemols ganz kloer d'Finanzsituatioun op den Dësch geluecht ginn mat alle Berechnungen fir d'Zukunft, an a ganz direktem Gespréich sinn d'Vir-an d'Nodeeler vum

fräiwëllege Kiercheverzicht betr. déi zwee genannte Gebäier als Plaz vu Sakramentespendung beliicht ginn.

Mer hunn dat alles zesummen nit op d'licht Schëller geholl. **Kee vun äis.** Awer eis Responsabel vun eiser eegener kommunaler Kierchefabrik waren Donnéeën ausgesat, déi hinnen dodurch, dass d'Gemengen nit méi wéi bis dohinn d'Erlabnis haten, sech finanziell un der Käschtendeckung vu Kierchen ze bedeelegen, ganz vill Kappzerbrieches gemach hunn. An déi aner Säit vun eisem Veräin, déi déi sech méi ëm dat Pastoral këmmeren, hu versicht ze hannerfroen, op d'Méiglechkeeten all ausgeschöpft wieren, eis zwee kleng Gotteshaiser, déi eng lang a wierklech historesch wertvoll Roll an eiser Gemeng gespilt hunn, fir d'Eucharistiefieren, asw. ze retten.

Et koom wéi et koom. Et war ee schwéiere, ma gudde Prozess, fir deen ech als Presidentin vun der KAD haut alle Bedeelegten Merci soen, wëll mer et am Oktober 2021 zesumme färdeg bruecht hunn, äis zu enger gemeinschaftlecher Meenung duerchzerengen, déi äis, weder als Veräin, nach als Dierfer ausernee gerappt huet. An ech sinn och dankbar eiser Gemeng, déi sech, esougut sie konnt, schützend a berouegend verhalten huet.

Dir wësst, et waren duerno zwou Versammlungen, an déi all Bierger aus de betroffenen Dierfer ageluede waren, fir, op Grond vum Pour et Contre, déi hinnen den 17. November zu Rippweiler vum Claude Metz an virdrun, den 9. November zu Schandel vum Schaaf Raoul, allebéid Memberen an eiser kommunaler Kierchefabrik, virgedroe gouwen a Präsenz vum Här Lallemand. D'Dierfer waren agelueden, **eegestännig ze décidéieren**, wat fir eng Richtung sie wéilten. Et gouf erklärt, nogeduecht, diskutéiert, an d'Majoritéit vun den hart ausgeschwatene Meenungen op der Plaz war ausschlaggebend. D'Resultat ass entretemps bekannt: d'Kierche vu Schandel a vu Rippweiler ginn net weider gelount vum Bistum, ginn domat zrëck un d'eegestänneg Verwaltung vun der Gemeng Useldeng, déi och eleng d'Befugniss huet, zoukënfteg ze décidéieren, wat an dëse Räumlechkeete geschitt, op se erhale bläiwen fir adequat Aktivitéiten oder musse fir aner Zweckgebaier weichen, op se d'Chance kréien, vu kierchenoe Veräiner betreit ze ginn, oder awer der Zivilgesellschaft opstinn fir Manifestatiounen, egal wëllecher Natur an egal wëllechem Benefice. Dëst ass elo am Moment d'Erausfuerderung virun där mir all stinn, all mateneen.

D'Fro, déi alles ëmschléisst an alles, wat do an Zukunft soll geschéien, aschléisst, ass: Wat fir eng Form vu Gesellschaft mat wat fir enge virrangege Werter, wëlle mir eisen Duerfcommunitéite bidden, gemeinsam, wat fir een

zesummen téschend Jonk an Al, Arm a Räich, téschend verschiddeenen Kulturen, Traditionen an de Religiounen, déi ënner äis präsent sinn an eis Dierfer Eigentlech sollt dës nei Realitéit äis ëm villes beräicheren. Wee wëlle mir sinn zu Rippweiler, zu Schandel, awer och zu Useldeng an zu lewerleng Wat sinn eis Werter. Sinn dat reng atheistesch Werter, sinn dat säkular Werter, weiderhinn chrëschtlech Werter, ass et ee RÄICHTUM VU VILLEM ODER ASS ALLES NAISCHT

Aus der Wertschätzung vun äis selwer, mengen ech, an alle Menschen déi mat äis hei an der Gemeng wunnen, muss sech elo erausschielan, wat zoukënfteg an dëse Gebaier geschitt. Haut den Owend ass hei an der Rippweiler Kierch, d'Generalversammlung vun der KAD, viru kuerzem war hei eng Friddensveillé fir d'Ukraine, esou kann et och hei an Zukunft sinn, eng Plaz, esouwuel hei wéi wéi zu Schandel fir déi mir als zivilrechtlech asbl"KIERCH AM DUERF" gären den Optrg unhuelen, zesumme mat aneren, deene Räumlechkeeten hir Séil ze lossen, d. h. d'Séil vun der Geschwësterlechkeet téschend de Leit.

November

Am Oktober war awer och nach de 17. eist traditionnelt Familgefest wat, mat der musikalescher Ennerstëtzung vun eiser Harmonie ëmmer eng ganz flott Feier ass.

De 27. Oktober war eng Rousekranzmeditatioun zu Useldeng an der Kierch fir all Verstuerwen, déi äis 2021 Joer verloss haten, a wou äis kuerz virdrunn dat schrëcklecht Ongléck am Ausgang vun Useldeng ganz no gang war. Mir kënnen der Famill vum Joë vu Rippweiler och haut nach nëmme wënschen, an drëm bidden, dass hirt Leed mat der Hëllef vun eiser léiwer Mamm am Himmel ze droen ass. A mir wëllen och haut bei dëser Geleeënheet besonnesch der Famill Scholtus Merci soen , déi dëst Joer am Februar, den DON beim Begriewnis vum hirem léiwe Papp Jean-Pierre, fir eise Veräin gestëft huet. Et sinn 1900 Euro zesummekomm. Ech géif iech bidden ee Moment an der Stëllt hinnen all ze gedenken. (Opstouen)

Léif Frënn, am November 2021 koum dann déi zweet Erausfuerderung, déi net manner belaschtend war, a leider och nach ass, d.h. d'Useldénger Härenhaus ze raumen, an domat senger neier Bestëmmung als Gemengenadministratiounsgebäi ze iwwerginn. Ma, d'Härenhaus eidel machen, wat heescht dat. Do kann ee mam Greef derduerch gouen, a schons

ass et eidel, an d'Mëscht ass fort. Ma esou einfach geet et nit a sollt et och nit gouen.

Wat heescht dann elo genau, d'Paschtoueschhaus eidelmachen zu Useldeng.

Ma dat heescht ganz einfach, eng Geschicht déi, op ville Niveauen, um Papeier bis zréck an 18. Joerhonnert dokumentéiert ass, a Këschten ze packen, an irgendwou hinn, ech weess net wouhinn, ze verfrachten. Dat heescht, déi nach präsent sakral Kierche-Kulturgéigestänn, iwver honnet Joer erhalen, respektéiert a gepflegt, erauszeféieren, ech weess net wouhinn. Dat heescht d'Parbibliothék, déi eng Réserve précieuse vu Bicher opweist, vun nationalem a duerfgeschichtlecher Bedaitung, a Käschte verpacken an ewechginn, oder verschenken, ech weess net wouhinn. Dat heescht nach niewt villen, zu gudder Läscht, de Siège social vun eiser asbl Kierch am Duerf-Gemeng Useldeng ze verléieren, an ech weess net wouhinn, an dann heescht et zu net ganz gudder Läscht, dem Här Paschtouer Janssen seng Lëtzebuerger Residenzadresse opginn, no iwver drësseg Joer treiem Dingscht an eiser fréiere Paren Useldeng an lewerleng mat all sengem privaten Inventar, matten a senger Krankheet, an hie weess net wouhinn. Dat heescht zoukënfteg ënner Emstänn och, d'Klack aus der aller Parkierch am Virgärtechen ewechhuelen, an ech weess net wouhinn, dat kéint ënner Emstänn och nach heeschn d' Lourdesgrotte réckelen an ech weess net wouhinn, vun der Architektur vum Härenhaus an déi déi eventuell ugeduecht ass, schons guer net ze schwätzen. Wouhinn? Mat wat, A wéini?

Léif Memberen vun eiser KAD, mir hunn eise kommunalen Autoritéiten nit virzeschräiwen, dat steet äis nit zou, wéi a wou an um wéivill Auer mat wem, si wat fir eng Dezisiounen huelen, awer ech mengen, mir hunn als Bierger och d'Verantwortung matzekucken, wat mat eisem Patrimoine geschitt, sief Hie sakral oder nit an och nit fir jiddereen iwverliewenswichtig. Ma ech denken, an dovunn lossen ech mech perséinlech mat kengen Argumenter afbréngen, dass de Patrimoine vun enger Gemeinschaft, d'Ofsecherung dovun an de Respekt virun deem, wat déi virun äis geleescht hunn, den Opbau vun enger gesonder Zukunft ass. E Respekt, deen ee muss erëmfanne kënnen, mat bloussen aen, all Zäit, an all deene villen Zäitzeien-Dokumenten, Bréiwer, Akten, Rechnungen, Bicher, Rapporen, Kulturgéigestänn a munches méi, déi d'Krafft an d'Geschicht vun eise Virfahren vermëttelen an äis hannerloss sinn, schéi säuberlich versuergt a bewahrt, eenzelner wäit iwver 200 Joer al. Ech plädéieren duerfir heibannen, eis all zesummen duerfir anzesetzen, dass eis

Gemeng dem allgemenge Wonsch nokënnt, ee wirklich nennenswerten adequaten Archiveraum fir eis gemeinsam Geschicht, d'Geschicht vun de Mënsche vun Useldeng, lewerleng, Rippweiler a Schandel anzeriichten, an deene ville Räumlechkeeten, déi elo sollen op der Plaz vum fréieren Useldenger Härenhaus entstouen, niewt alle modernen kommunalen Infrastrukturen a Fräizäitangebot, fir déi eis Gemeng schons zënter langem riicht steet. D'Zäit äis ze soen, wouhinn mat allem, eng Lééisung ze fannen, ass knapp, ganz schrecklech knapp, an et reegt mech op, an nit nëmme mech als Presidentin vun dësem Veräin, och aner Veräiner knaen menges Wëssens dodrunn. Mat Ärem Accord wéilt ech vun dëser Generalversammlung aus ee Bréif un eis Gemeng riichten, fir si ëm Hëllef ze froen, zesumme mat äis eng kuerzfristeg Zwëscheléisung an eng Gesamtléisung fir eis verschidden Uleies ze fannen..

Am Dezember 2021 war awer och nach eng Sammlung vu Wolldecken fir d'Stëmm vun der Strooss, org, vun der ACFL, wou mir als KAD een Opruff gemeet hunn. Fir de vergangen Dezember wëll ech awer nach speziell déi aussergewöhnlech schéin Aktioun vun eiser KAD- Kanneréquipe erwähnen, déi an der Useldenger Kierch een interaktive Wee op Bethlehem opgebaut hat, dee mat ganz vill Suergfalt a Léift fir d'Jesuskand, Kanner an Erwuessener sollt matzéien, a vun enger wirklich grousser Qualitéit war a gudd ukomm ass.

Leider musse mer awer och hei den Owend drunn erënneren, dass mer denn 22. November d'Novell kruten dass eisen äis langjährig vertraute Paschtouer, den Pater Mathieu Janssen, ee ganz schwéieren Hærzinfarkt gemeet huet, deen eng Reih Komplikatiounen no sech gezunn huet, un deenen hién bis elo nach ze knaen huet. Säi Wëllen, erëm ungetrieden ass awer grouss, an et wär wirklich onméiglech, him net ze wënschen, dass hien geschwënn erëm an eiser Mëtt ass. Duerfir hunn ech hei eng Kaart matbruecht, op deem all déi déi wëllen, elo hir Gréiss kënnen androen, an dëst neit Medikament aus der Apdik vum Useldeng wäerte mir dann mat all Äere léiwe Wieder a Gréiss op Arel féieren. Ech wëll awer nit ofschléissen ouni dem Georges Majerus Merci ze soen, fir déi verschidden detailléiert Geschichtlech Recherchen, esougudd iwuer d'Parbibliothéi wéi och iwuer d' Lourdesgrott an aneres méi, déi hien am Joer 2021 erstallt huet an eisem Veräin fräi zur Verfügung gëtt. Merci Georges. Merci och haut deenen, déi gehollef hunn d'Bibliothéik auszeraumen. Et waren dat a ville Stonnen, den Här Jean-Marie Reding, Conservator an der Nationalbibliothéik, de Georges Majerus, de Waltzing Albert, de Grégorius Léo, d'Anny Linster, d'Marthe Boudler an ech, seet de Geck. An ee spezielle Merci och dem Albert Waltzing deen sech d'Méih gemeet huet, all

Kirchfinanzdokumenter, a Rechnungen, Bréiwer asw, fein säuberlech de Joergäng no an Dossie'en ze klasséieren, wat mir bis elo eng immens Hëllef war. Merci och eiser Gemeng déi bis elo beim Fortféieren vum Gerümpel eng wertvoll Stäip war. Ech hoffen dass si, fir déei zwou grouss stenge Statuen, déei einstweiler nach am Keller vum Härenhaus schlummeren, eng gudd Plaz géeiwe fannen, fir si opzestellen, vläicht an der Morgue um Useldenger Kierfent, wou si menger perséinlecher Meenung no, am bäschten géeiwen hipassen. Dat wier och am Sënn vum Här Paschtouer Janssen, deem si gehéieren. E läschte Merci geet un den Nekel Fisch, deen sech d'ganzt Joer këmmert, dass eis Kapell am Hiesel zu Useldeng ronderëm gebotzt a gudd versuergt ass. Elo ass erëm geschwënn Ouschterbotz fälleg, an dann denken ech erëm un dech Nekel.

Léif Leit, ech hunn lech elo lang a genuch strapazéiert. Ech weess et war lang, awer et war mer wichtig, lech haut dëst alles ze erzielen, eist Arbechtsjoer 2021 war ongewéinlech, an eis Suergen sinn nach nit all ewech. Duerfir wann Dir mir erlabt, géif ech och elo net lang wëllen agouen op ee genaue Programm vun dësem Joer, fir dass mir Zäit behale fir op eventuell Froen a Suggestiounen Äerersäits kënnen ze äntweren. Dat eenzegt, wat am Moment schon ze nennen ass vun kommenden Aktivitéiten, niewt eisen allgemengen Sachen wéi Familgefest, Rousekranzmount, enger Reih Kanneraktivitéiten, enger OKTAVandacht am Mee zu lewerleng ass demnächst eng Konferenz zu Useldeng an der Kierch, mam Här Jean-Marie Reding aus der Nationalbibliothék zum Thema „Par-Kommunal a Privat-Bibliothékewesen zu Lëtzebuerg - Wéi mat dësem Räichtum ëmgouen“ wahrscheinlech Mëtt bis Enn Abrëll. All Weideres, virun allem awer bläiwt den Ofschloss vun der Raumaktioun am Härenhaus mam eventuelle Verloscht, fir eis Geschichtsfrënn, vun enger ganzer Reih Dokumenter an Anerem aus eisen eegene Réserven. Am Laf vun dësem Joer gi dir dann doriwwer weideres gewuer. Domat wëll ech schléissen a ginn elo dem Jeanny d'Wuert fir de Keesebericht. Eréischt uschléissend, a mat Äerem Accord?????? Géif ech dann d'Diskussioun vum Aktivitéitsbericht opmachen an lech em Ofseenen vun dësem méi spezielle Rapport bieden. Merci.